



sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 04. März 2024

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 07.03.2024

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengeréit erlaben sech Iech folgend Fro ze stellen a géifen sech iwwer eng Äntwert am Gemengerot vum 07.03.2024 freeën. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir Iech an der Suite ons Är Äntwert an engem rasonablen Delai schrëftlech zoukommen ze loossen.

Fro 1:

Am Gemengebudget 2024, sou wéi an der Gemengerotssëtzung vum 21. Dezember 2023 gestëmmt, fënnt sech de Budgetsposte 4/910/223410/99002 (Aquisition de parasols pour la terrasse et l'aire de jeux de l'école, sise rue Nicolas Welter à Sandweiler.)

Kennt Dir ons w.e.g. matdeele wéi wäit dee Projet fortgeschratt ass a wéini dee viraussichtlech ofgeschloss ass?



Romain DUMONG
Conseiller



Jean LEMMER
Conseiller